Fräiwëllege Pompjee !

# Firwat net Du ?




# Fräiwëllege Pompjee !
# Firwat net Du ?

De fräiwëllegen Engagement an de Rettungsdéngschter huet hei zu Lëtzebuerg eng laang Traditioun. Och 5 Joer no der Kreatioun vum CGDIS si 91 % vun alle Pompjeeën am Land Fräiwëlleger, déi op Interventiounen déi gläich Missiounen an Aufgabe wéi ee Beruffspompjee iwwerhuelen a mat dësen Hand an Hand zesumme schaffen.

De Groussdeel vun de Centre d'incendie et de secours, kuerz CIS, besteet just aus fräiwëllege Memberen, mee och an den Asazzenteren an deene Beruffspompjeeë schaffe si fräiwëlleg Pompjeeën engagéiert, déi hei hier beruffiech Kolleegen ënnerstëtzen.

An all den Asazzenteren am Land, wéi och an deenen 10 Groupes d'intervention spécialisés (GIS), si fräiwëlleg Pompjeeën affektéiert a si domadder ee wichtegt Standbee fir d'zivil Sécherheet am Grand-Duché ze garantéieren.

An dëser Broschür fannt Dir Temoignagë vu fräiwëllege Pompjeeë, déi mat Iech hier Motivatioun a Grënn vun hirem Engagement am Rettungsdéngscht deelen an erziele wisou si haut nach als operationelle Pompjee dobäi sinn. Déi aktuell bal 4000 fräiwëlleg opérationell Pompjeeë kommen aus allen Deeler aus dem Land, aus deene verschiddenste Beräicher vum Liewen an onofhängeg vun Alter a Beruff.


Engagéier och du Dech fir déi zivil Sécherheet hei zu Lëtzebuerg a gëff och Du een Deel vum Corps grand-ducal d'incendie et de secours!





**Paul Schroeder**
Chef de Corps a Generaldirekter
vum CGDIS

**Firwat net Du ?**






# Emie,

## Enseignante
## a fräiwëllege Pompjee am CIS Echternach

Mäin Interessi fir d'Pompjeeën huet sech duerch mäi Papp entwéckelt, dee selwer och beim CGDIS aktiv ass. Sou ass et och dozou komm, dass ech am Alter vun 8 Joer mäin Engagement an de Jugendpompjeeën ugefaangen hunn.

Zanter 2017 maachen ech zu Iechternach am CIS als fräiwëllegen operationelle Pompjee meng Permanencen. Nodeems ech meng FIS-Kuere gepackt hunn, hunn ech mam Déngscht op der rouder Säit ugefaange. Schnell hunn ech awer gemierkt, dass den SAP-Beräich mech och staark interesséiert.

Sou ass et dunn och dozou komm, dass ech mech elo a béide Volet'en engagéieren. Als fräiwëllege Pompjee huet een nämlech d'Méiglechkeet ee Choix ze treffen a wéi engem Beräich een aktiv wëll gi.

**FIS: Formation incendie sauvetage**

Ënnert dëse Beräich falen all d'Formatiounen am Kader vun der Brandbekämpfung an der technescher Hëllefsleeschtung.







D’Pompjeeswiesen ass fir mech net just en Hobby, mee eng Passioun. Déi positiv Uspanung wann de Piipsert geet, d’Dankbarkeet vun de Leit an Nout, an awer och dat flott Zesummeliewen tëschent fräiwëllegen a beruffleche Pompjeeën am CIS, sinn nëmmen e puer Beispiller vun allen Erliefnisser, déi een als Pompjee beim CGDIS sammele kann. De CGDIS kann op des Aart a Weis zu enger zweeter Famill ginn, wou Vertrauen an Zesummenhalt un éischter Stell sinn.


Doriwwer raus läit mir awer och d’Ausbildung vun de Jugendpompjeeën um Häerz: Sie sinn d’Zukunft.

Aus dësem Grond engagéieren ech mech säit 5 Joer an der Jugendaarbecht bei eis am CIS a versichen de Jugendlechen d’Grondsätz vum Rettungswiesen op kandgerecht a spilleresch Aart a Weis bäizebréngen.

**SAP:**
**Secours à personne**

De Volet SAP ëmfaasst de Service Ambulance sou wéi och de First Responder.





# Dzenis,

**Lokführer**
**a fräiwëllege Pompjee am CIS Wiltz**



Ugefaang hunn ech mäin Engagement, zesumme mat mengem Brudder, an de Jugendpompjeeë vun eiser lokaler Gemeng.

Mat der Zäit hunn mir eis an ënnerschiddleche Formatioune fortgebild, an eis och an d'Richtung vum Secours à personne orientéiert wou mir dunn zu Wooltz als Ambulancier aktiv gi sinn. Et sinn elo bal 10 Joer dat ech mech am Rettungsdéngscht engagéieren. An dëser Zäit hunn ech vill nei Leit kennegeléiert, mat deenen ech haut gären an der Equipe zesumme schaffen.


Déi grouss Dankbarkeet vun de Mënschen, deenen ee gehollef oder souguer villäicht d'Liewe gerett huet, ass ee vun de schéinste Momenter. Dëst ass och de Grond, dee mech motivéiert huet Pompjee ze sinn an ze bleiwen, an op wat een houfereg ka sinn!




**RTW: Rettungstransport-wagen**

En RTW, och Ambulanz genannt, hëlt Patienten en charge an transportéiert si an d'Urgence vum nächste Spidol.



# Christian

## Staarkstroumelektroniker a fräiwëllege Pompjee am CIS Petange


Ech sinn zënter bal 33 Joer Member an de Pompjeeën. An dëser Zäit ass meng Passioun fir de Rettungsdéngscht Dag fir Dag ëmmer méi grouss gi.

Trotz allem wat geschitt ass, an och mol negativen Erliefnisser op manner schéinen Interventiounen ass et einfach flott mat enger staarker Equipe eraus ze fueren. Enger Equipe, op déi een sech verloosse kann egal wéi eng Situatioun een op der Asazplaz erwaart. Eng Equipe an där een och privat Kolleege fir d'Liewe fonnt huet.

**DLK:**
**Drehleiter mit Korb**

Mëttels DLK hunn d'Pompjeeën d'Méiglechkeet Persounen oder Déieren aus bis zu 23 Meter Héicht ze retten oder eng Brandbekämpfung vun uewen duerch ze féieren.





# Catarina,

## Studentin
## a fräiwëllege Pompjee am CIS Nordstad



Virun 3 Joer hunn ech mech als Fraïwellege beim CGDIS gemellt vir mat kennen op d’Asätz ze fueren an de Mënschen an Nout ze hëllefen. An der Zwëschenzäit hunn ech vill konnte beiléieren an Erfarung am Beräich vum Rettungsdéngscht sammelen. Dat huet mer och gehollef meng Fachrichtung ze wielen, an där ech spéiderhi berufflech täteg wäll ginn, nämlech am Beräich vun der Noutfallmedezin.

Viru mengen Engagement beim CGDIS hat ech allerdéngs nach ni Kontakt mam Rettungsdéngscht, oder dem Volontariat am allgemengen.

Meng perséinlech Erfarung am Beräich vum Gesondheetssecteur huet mir de Kontakt mat de Patienten an Noutsituatiounen zwar erliichtert, mee trotzdeem sinn all déi intern Formatiounen am CGDIS och fir Quereinsteiger gëeegent.

### CIC: Cours d’initiation commun

D’Grondausbildung als fräiwëllege Pompjee ass och ouni speziell Virkenntnesser machbar. De Cours d’initiation commun stellt déi alleréischt Formatioun am CGDIS duer. Hei krit all Stagiaire déi wichtegst Saache vum interne Fonctionnement, wéi och déi wichtegst Basismoossnamen wéi beispillsweis d’Reanimatioun an d’Benotze vun engem Feuerlöscher mat op de Wee.







D'Asätz mat erfueren Teamkolleegen strukturéiert a roueg ofzeschafen gëtt engem ëmmer erëm Loscht weider ze fueren an Neies ze leieren a Spaass derbäi ze hunn.

Elo no knapps 3 Joer reegelméissegem Déngscht an Ausbildung op der Ambulanz (Secours à personne), hunn ech mech dofir entscheet mech och vir déi rout Säit (Incendie-Sauvetage) ze mellen an och dëse Volet vum operationelle Pompjee kënnen ze léieren a meng Ausbildung nach weider ze verdéiwen.

**Chef d'agrès**

Als Chef d'agrès iwwerhëlt een d'Responsabilitéit an d'Leedung iwwert eng Ekipp vun 3 Pompjeeën an engem takteschen Asazgefier.



# Däi Wee als fräiwëllege Pompjee am CGDIS

## 01. Éischte Kontakt

No engem éischte Kontakt mat engem Responsabelen aus dem CIS, gëss Du an e Gespréich invitéiert. Sou kriss Du weider nëtzlech Informatiounen iwwer deng Umeldung an de weidere Verlaf am CGDIS.

## 02. Journée de recrutement pour pompiers volontaires

Fir fräiwëllege Pompjee am CGDIS ze gi, muss du un engem Rekrutementsdag deel huelen. Hei muss Du follgend Etappe mat maachen:

- **Sportstest:** dësen Test ass net eliminatoire, mee eng Evaluatioun vun der kierperlecher Fitness.
- **Medezinesch Ënnersichung** am Service Santé au travail des pompiers.
- **Umoosse** vun der Uniform a Schutzausrüstung.

**Weider Informatiounen kriss du änner:**

volontariat@cgdis.lu

Tel 49771-2332

www.112.lu

Oder bei dengem lokalen Centre d'Incendie et de Secours (CIS)

## 03. Grondausbildung

Scho wärend dësem Wee kanns Du schonn als Observateur un de Maintien des Acquis (Exercicer) deel huelen. no der Journée de recrutement däerfs du da mat der Grondausbildung am INFS, der Pompjeesschoul, ufänken.

## 04. Cours d'initiation commun (CIC1 & CIC2)

E Cours vu 4 Deeg, deen eng allgemeng Aféierung an de Rettungsdéngscht ubitt.

### FIS 1


**Formation Incendie Sauvetage**


E Cours vu 7 Deeg, mat engem Ofschlossexamen. No dësem Cours ass ee prett fir als Stagiaire mat op den Asaz ze fueren.

### SAP 1

**Formation Secours à personne**

E Cours vun 5 Deeg, mat Ofschlossexamen. No dësem Cours bass du prett fir als Equipier mat der Ambulanz oder mam First-Responder op den Asaz ze fueren.








# Barbara,

## Infirmière Anästhesiste a fräiwëllege Pompjee am CIS Bettembourg

Nodeems ech mat 10 Joer bei de Jugendpompjeeën ugefaangen hunn, sinn ech mat 16 Joer als operationelle Pompjee am Volet «Incendie/Sauvetage», dat heescht op der Pompjeesséit bei Verkéiersaccidenter, Bränn oder technescher Hëllefsleeschtung, aktiv ginn.

Duerch de reegelméissege Kontakt mat Patienten a Persounen déi Hëllef gebraucht hunn, hunn ech allerdéngs du meng Passioun fir den «Secours à personne» Beräich entdeckt a sinn doropshin och op der Ambulanz aktiv mat gefuer.

Iwwert dëse Wee hunn ech dunn och mäi spéideren Dramberuff kenne geléiert: säit dësem Joer hunn ech meng Ausbildung als Infirmière anesthésiste erfollegräich ofgeschloss a sinn an dësem Beruff doheem.


Et ass ee gutt Gefill, ze wëssen dat ee senge Matmënschen hëllef konnt. Mee och negativ Erliefnisser op engem Asaz kann ee mat enger staarker Ekipp verschaffen an een sech ëmmer rëm op de nächsten Asaz preparéieren.

**SAMU**

De Service d'aide médicale urgente (SAMU), mat engem Dokter an engem Infirmier anesthésiste, intervenéieren zousätzlech zur Ambulanz fir medezinesch-kritesch Patienten en charge ze huelen.







# Gilles,

## Staatsbeamten
## a fräiwëllege Pompjee am CIS Hobscheid

Niewent den operationellen Aktivitéiten als Otemschutzdréier a Sektiounschef, mëscht mir meng Aarbecht als Jugendleeder besonnesch Freed am CGDIS.

An all Übung mat de Jugendpompjeeë bidden sech nei Erausfuerderungen fir d'Kanner an d'Jugendlecher ze fuerderen. Sief et mat Spiller bei deene si kenne wichteg sozial Kompetenze léieren oder bei theoreteschen a prakteschen Exercicer, bei denen sie hiert Pompjeeswëssen ënner Beweis kënne stellen. Donieft ginn och nach divers aner Aktivitéite, wéi Jugendcampen, Ausflich oder sportlech Aktivitéiten ugebueden.


D'Schwieregkeet bei all deem besteet dodran déi Jugendlech vun engem Alter vu 6 Joer bis zu hirem Antrëtt an den aktiven Déngscht mat 16 Joer un der Staang ze halen an se net un aner Clibb ze verléieren, dëst awer ouni si ze iwwerfuerderen an hirem dacks vollen Alldag.




### Changement de statut

Ab dem Alter vu 16 Joer huet de Jugendpompjee d'Méiglechkeet an d'Reie vun den operationelle Pompjeeën erop ze wiesselen.

Als Jugendpompjee huet ee schonn d'Méiglechkeet verschidde Module vun de Formatiounen vun den operationelle Pompjeeën ze maachen a doduerch nom Wiessel méi séier un Interventioune kënnen deel ze huelen.






# Kevin,

## Elektroingenieur
## a fräiwëllege Pompjee am CIS Lac

Am Summer 2020 war ech mam Auto ënnerwee op de Stauséi, wou ech dunn eng gréisser Dampentwécklung iwwert engem Bësch festgestallt hunn. Doropshin hunn ech den 112 alarméiert an déi éischt Moyen'en vum CGDIS op der Plaz agewisen. Trotzdeem war et ee geméschte Gefill net nach méi hëllefen ze kënnen. Nach an der selwechter Woch hunn ech mech dunn am lokalen Zenter an der Stauséigemeng gemellt a meng Kandidatur als fräiwëllege Pompjee gestallt.

Als klengen Bouf war ech schonn' s ëmmer begeeschtert vun de Pompjeeën an hire Gefierer. Awer am Summer virun 3 Joer, war ech mir op dësem Dag sécher: ech wéilt mech och am Rettungsdéngscht engagéieren!









An dëser Zäit hunn ech villes geléiert, sief et un Techneschem Wëssen, der éischter Hëllef an der méi fortgeschrattener Form (SAP1) oder am Beräich vum Otemschutz. Awer och vill nei Frëndschaften hunn ech, bei all de verschiddenen Asätz, Übungen a Formatiounen, geschloss.

Houfreg kann ech haut soen ee fräiwëllege Pompjeeë mat Leif a Séil ze sinn, a kann et jidderengem nëmme roden sech ze trauen dee Schratt ze maache fir fräiwëllege Pompjee ze ginn.

**ARI:**
**Appareil respiratoire isolant**

Duerch d'Otemschutzgerät ass de Pompjee virun de gëftege Rauchgasen, déi bei engem Brand entstinn, geschützt an huet sou d'Méiglechkeet Gebaier no Victime ofzesichen, respektiv ee Feier ze läschen.








# Charel,

## Dokter an der Ausbildung a fräiwëllege Pompjee am CIS Fischbach

No 8 Joer an de Jugendpompjeeën an der Gemeng Fëschbech sinn ech mat 16 Joer bei déi Operationell gewiesselt a konnt ab dem Moment bei den Asätz matfueren.

Och wa mir een éischter klengen CIS sinn an doduerch net esou dacks an den Asaz geruff ginn, wéi an enger Groussstad, ass et trotzdeem ee gutt Gefill ze wëssen, dass een de Matbierger aus der Gemeng an hirer Nout hëllefe kann.

Als fräiwëllege Pompjee kann ech mech fir d'Permanencen disponibel melle wéi et sech am beschte mat mengem Privatliewen arrangéiert.


Ech ka wierklech jidderengem uroden sech bei de Pompjeeën ze engagéiere well ech der Meenung sinn, dass een an der Ausbildung vill bäiléiert an een och fir seng Matmënschen do ass. Jiddereen erwaart sech an Nout gehollef ze kréien, da komm an hëllef eis hëllefen!

**Permanence**

Ee fräiwëllege Pompjee muss mindestens 100 Stonnen Déngscht d'Joer maachen. Allerdéngs huet een d'Méiglechkeet den Déngscht individuell no den eegenen Disponibilitéiten anzedroen.





# Jessica,

**Secrétaire médicale**
**a fräiwëllege Pompjee**
**am CIS Larochette**

---

Ech hu meng Begeeschterung fir de Rettungsdéngscht virun ongeféier 6 Joer entdeckt. Ech war mir den Zenter an d'Fiels ukucken, kuerz duerno hunn ech och schonn den Éischt Hëllef Cours ugefaangen a mëttlerweil sinn ech Chef d'Agrès op der Ambulanz.

Mat deenen eenzele Cours'en, déi ech am Laf vun der Zäit gemaach hunn, ass meng Motivatioun a Begeeschterung schnell gewuess. Net nëmmen, well ech geléiert hu wéi de Kierper funktionéiert, mee och wat bei verschidde Krankheetsbiller geschitt a wéi mir am Rettungsdéngscht beschtméiglech dorop reagéiere kënnen. Duerch déi vill Formatioune wéi och Stagen hunn ech schnell vill nei Leit kenne geléiert.

Wann een seng Permanence bis ufänkt, weess een eigentlech ni genau wat op een duer kënnt: Autosaccident, eng Persoun déi gefall ass, ee Kannernoutfall oder een internisteschen Noutfall. Duerch déi Ofwiesslung gëtt et ni langweileg. Et ass een Zäit-intensiven Hobby, bei dem een ni ausléiert, well keen Asaz ass wéi den aneren. Duerch eng gutt Atmosphär an der Equipe, meeschtert een och mol manner schéin Asätz zesummen.



## IWWER 4000 LEIT SETZEN SECH AN HIRER FRÄIZÄIT AN: GËFF OCH DU EEN DEEL VUM CORPS

### WANN'S DU...

- Motivatioun an Teamgeescht hues
- Eng gewëss kierperlech Fitness besëtz
- Grondkenntnisser vun der lëtzebuerger Sprooch beherrschs
- Bereet bass Dech ausbilden ze loossen a Formatiounen ze maachen
- Zäit hues Dech ze engagéieren a reegelméisseg un Déngschter an Interventiounen deel ze huelen

### ...DA BASS DU DEE RICHTEGE KANDIDAT!

volontariat@cgdis.lu

Tel 49771-2332

Oder bei dengem lokalen
Centre d'Incendie et de Secours

Kontakt CIS:

## Bass du un engem aussergewéinlechen Hobby interesséiert?

## Da gëff fräiwëllege Pompjee am CGDIS!

---

CORPS GRAND-DUCAL
INCENDIE & SECOURS

## Weider Informatiounen:

volontariat@cgdis.lu

Tel 49771-2332

www.112.lu

Oder bei dengem lokalen
Centre d’Incendie et de Secours

CORPS GRAND-DUCAL
**INCENDIE & SECOURS**